**Budget fir 2026 – Stellungnahm Guy Weirich**

Ech wëll dëse Budget haaptsächlech aus dem Bléckwénkel vum Vivre ensemble analyséieren. Ech mengen domat net d'Kommissioun, déi mer hunn. Ech menge villméi, datt de **Begrëff VIVRE ENSEMBLE leschtlech zesummefaast, wourëm et an enger Gemeng geet**. Do stëmmen ech eenzelnen, grondsätzlechen Aussoen, déi vu Majoritéitssäit aus an de verschiddenene Intervntiounen zum Ausdrock komm sinn, absolut zou. De Budget soll jo d'Basis dofir leeën, datt mir an eiser Gemeng gutt liewen kënnen.

Dat impliztéiert d'Zil, deem *Eenzelnen* an natierlech *der ganzer Communautéit* vun de Biergerinnen a Bierger d'Liewen hei zu Bartreng op eng gutt Manéier ze erméiglechen. Duerfir brauch et **materiell Viraussetzungen**, et brauch **dat Soziaalt, d'Inklusioun, dat Wirtschaftlech an dat Ekologescht,** e **Gespier fir dat Geeschtegt,** awer och **Projeten, déi sech op d'Fräizäit bezéien an dat ofdecken, wat op d'Gemitt** am wäiteste Sënn vum Wuert ausgeriicht ass oder, wéi den Här Burgermeechter gesot huet, op dat „subjektiivt Wuelbefannen".

**I. Ech fänken u beim Enseignement, wat ee wesentleche Punkt an dëser Perspektiv ass**

An der rtl-Emissioun vum 19. November huet de Minister Meisch Froen zur zweegleiseger Alphabetiséierung beäntwert. An dobäi op d'manscht 2x betount: „Mir brauche méi Säll an der Grondschoul. Mir wäerten an Zukunft och méi Säll fir de Précoce bauchen." De Burgermeeschter huet virdrun vun enger Etude geschwat, déi d'Schoulinfrastruktur op de Leescht hëlt, a vun engem Masterplang. Domat gëtt eng *längerfristeg* Planung méiglech.

Kuerzfristeg hätte mer den Aussoe vum Buergermeeschter bei der Virbereedung vun dëser Sitzung no och kee Problem. D'Erklärung deemools war ganz plausibel. En Dënschdeg awer goufe mir driwwer informéiert, datt eng Classe an der Konferenz vum Léierpersonal sëtze géif. Stëmmt dat? Oder ass dat e Gerücht? Wann et stëmmt: Wat ass de Grond? Wéi laang war / ass dat de Fall? Si mir elo awer vläicht mat de Säll virbäi an hannewidder?

Egal wéi: Mir wäerten, wéi Dir et gesot hutt, an nächster Zäit op d'Infrastruktur „Bei der Péitruss" kënnen zréckgräifen. Do gëtt et 8 Säll, déi renovéiert ginn an dann zur Verfügung stinn. Virgesi sinn 230.000 Euro am Budget. Mir probéieren also, äis gutt opzestellen.
Duerzou eng Rei Froen:
- Wat ass an dëser Infrastruktur genee geplangt? Wat heescht Renovatioun konkret?
- Wéiwäit sinn d'Enseignants dobäi agebonne ginn?
- Ginn dat normal Klassesäll? Oder Spezialsäll?
- Fir wat fir e Cyclus sinn se geduecht?
- Wéi een Zäitplang ass fir dës Renovatioun opgestallt ginn?
- Ass geplangt, och d'Coursen vun der Art de la Parole dohinner ze verleeën? Oder kommen déi Coursen elo eventuell an den ale Musekssall, déi jo elo fir aner Aktivitéite sollt opgemaach ginn?

Wat d'**Schoul allgemeng** ubelaangt, wollt ech e bësschen agoen op d'Projets pédagogiques.
Do krut ech vum Léierpersonal ganz positiv Feedbacken, wat
- de Gaardeprojet fir d'Kanner ugeet an och
- de Projet vum Chant an Zesummenaarbecht mat der UGDA.

An du gouf mer eppes gesot, wat ech ganz gär nogelauschtert hunn. Gesot gouf: Et wier flott, wa mer och esou ee Projet pédagogique an der **Konscht** maache kéinten. Dir kennt mech, an Dir kënnt Iech virstellen, datt dat mech gefreet huet.

Kuerz a gutt: Ech stelle fest: Et gëtt eng *Demande*, fir nieft Musek a Gesank och aner Konschtrichtungen méi systematesch ze förderen. Dobäi ass Konscht jo ee villsäitegt Fach, wat et erlabe géif, an esou engem Projet pédagogique vill Ofwiesselung eranzebréngen. Dat wier jo ganz an deem Sënn, wéi et d'éinescht duergeleugt gouf, der Konscht eng gréisser Bedeitung zouzegestoen. Et brauch ee jo net nëmmen bei Konscht u Molerei ze denken. Wéi wier et z. B. Och mat engem projet pédagogique am Beräich vum Film? Ech erënnere mech iwwregens ganz gär un de Projet Tiny Books, dee mer viru e puer Joer zesumme mat enger Partie Klassen an hiren Enseignants mat vill Succès gemaach haten.

Zou de Projets pédagogiques steet bei de Recettes ordinaires e Remboursement vu 17.500 Euro zou gonschte vun der Gemeng. Leider hunn ech net fonnt, wat dee Projet pédagogique Chant d'Gemeng am Ganze kascht.

II. Domat ass den Iwwergank zur **Kultur** gemaach, ee weidere Punkt vun dem, wat wichteg ass fir eist Liewen an eist Zesummeliewen.
Grondsätzlech begréissen ech de Stellewäert, deen der Kultur an der Gemeng ageraumt gëtt an datt dat sech och am Budget erëmspigelt.

Ech gi virun allem op de Beräich **ARCA** an. Als 1 spréngt engem de Budgetsposten **Cachets d'artistes.** 3/836 , S. 113, an d'A

2020 war dee Posten bei 24.000 Euro
am rectifié vun 2022 stounge 40.000 Euro
2024 si mer op 88.322, 83 Euro komm,
fir 2025 waren 110.000 Euro virgesinn an elo
fir 2026 klamme mer op 192.000 Euro.
De Budget verduebelt sech quasi - ënnerhalb vun 2 Joer. Et kënnt een och soen: Eise Service culturel huet **eleng** fir d'cachets d'artistes am nächste Joer 8 x méi Suen zur Verfügung wéi 2020. Dat mécht een Ënnerscheed. Domat kann ee schaffen.

Duerch dësen Invest an dës Hausse gëtt e Qualitéitssprong ugestrieft. Méiglecherweis och eng quantitativ Erweiderung vun der Offer. Sollt dat zweet de Fall sinn, dann erlaabt mer dës Bemierkung: Wann et méi Programmatioun gëtt, da musse mer op 2 Saachen oppassen:
- déi 1.: D'ArcA soll, eiser Virstellung no, an Zukunft genuch disponibel bleiwen fir eis kulturell Veräiner a fir Initiativen, déi aus der Mëtt vun eiser Populatioun erauskommen.
- déi 2. Remarque: Mir sollten Trëmp, déi mer hunn, net aus Plazmangel oder weenst Overbooking aus der Hand ginn. Ech nennen e Beispill aus de leschte Joren: den internationale Festival BOOK ON. Deem seng 1. Editioun war hei zu Bartreng. Duerno ass deem Festival awer keng Prioritéit méi accordéiert ginn an de Festival ass iwwer d'Tëschestatioun vu Stroossen elo am Stadgronn an Neimënster ukomm – mat risegem Erfolleg. D'Potenzial vun dësem Festival fir Bartreng, seng Renommee, ass warscheinlech a leider falsch ageschat ginn.

Dann hu mer am Budgetsprojet fir d'Arca nach dëst gesinn: D'Zomme fir

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| **615100** | **Frais de marketing et de publicité** | **18 895,36** | **34 000,00** | **34 000,00** | **95 200,00** |
| *615100/99001* | *Catalogues et imprimés et publications - ARCA*<br>Publicité ARCA .................... 36.000 €<br>Affiches, flyers .................. 56.200 € | 17 347,46 | 30 000,00 | 30 000,00 | 92 200,00 |

klammen vu ronn 18.900 am Joer 2024 op 95.200: dat ass eng Steigerung vun iwwer 500 %. Par rapport zu 2025 ass et bal dat 3-facht.
Dës Erhéijung läit sécher an der Logik vun deem, wat mer bei der Erhéijung vun de cacheten gesinn hunn.

Trotzdeem hu mer hei e puer Froen:

Déi 1. Wat fir konkret Evenementer resp wat fir Ziler goufe sech gesat, déi zou dëser immenser Hausse féieren?

Déi 2.: Mir waren dach awer e bëssche verwonnert, wéi mer gesinn hunn, datt hei och ganz staark op Katalogen an Imprimééë gesat gëtt. An der leschte ass jo Digitaliséierung besonnesch geférdert ginn. Ass et hei zu enger Kehrtwende komm? Enger Asiicht, datt mer awer nach net op de Pabeier verzichte kënnen? Ginn awer vläicht net esou vill Leit op d'Enjoy-Agenda kucken, fir zousätzlech Informatiounen zu verschiddene Manifestatiounen ze kréien? D'Ausgabe fir d'Enjoy-Campagne bleiwe jo fir d'nächst Joer stabil bei 40.000 Euro.

No dëse Bemierkungen an ausgehend vun deem, wat mir am Budget ze erkenne mengen, dann awer och zwou **Suggestiounen:**

Déi 1.:
Ech mengen, datt et elo un der Zäit wier, den interesséierte Leit e Joresabonnement fir d'Arca ze proposéieren. z.B. 3 oder 4 Manifestatiounen zou engem méi gënschtegen Präis. Domat kënnt een den ugestriefte Opschwong weider ënnerstëtzen a méi Cliente fideliséieren.

Déi 2:
Ech proposéieren, déi Iddi, déi scho mol an der Vergaangenheet opkomm war, wa méiglech elo ëmzesetzen – nämlech: D'Zesummenaarbecht mat engem anere Kulturhaus. Konkret proposéieren ech de Cube vu Marnech. Dat war mol schonn ugeduecht ginn an deemools gouf och Bereetschaft zur Zesummenaarbecht signaléiert. Et kënnt een zesumme schaffen, et kënnt ***ee*** *vun deem anere* Programmen iwwerhuelen. D'Arca géif domat nach mol ee Stéck u Sichtbarkeet gewannen. Jee nodeem kéinte béid Haiser esou e finanzielle Virdeel hunn.

Perséinlech freeën ech mech iwwregens, datt weiderhinn um **Bayota an un der Fërderung vu jonken Talenter** festgehale gëtt, datt d'Bedeitung vum Festival hei am Gemengerot déi Würdigung kritt huet, déi him zousteet, an datt de Budget do par rapport zu 2024 och verduebelt gëtt. Ech sinn also ganz gespaant, wat do dat nächst Joer op äis zoukënnt.

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| *BAYOTA - frais divers de fonctionnement - ARCA*<br><br>Frais divers d'organisation<br><br>Règlement "Bayota - Festival des jeunes talents", "Concours pour jeunes solistes", "Jonk Organisten", "D'Jugend moolt", cc 04.03.2022 | 24 584,02 | 45 000,00 | 38 000,00 | 50 000,00 |

Ofschléissend de Wonsch, eis nach zwee Budgetsposten ze erklären:

a) Worum geet et ganz konkret bei

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| **613481** | **Honoraires de consultance externe et d'expertise** | **0,00** | **0,00** | **0,00** | **17 000,00** |
| *613481/99001* | *Honoraires de consultance externe et d'expertise*<br><br>Centres culturesl et salles de fête - honoraires | 0,00 | 0,00 | 0,00 | 17 000,00 |

b) Ass de Réckgrëff op Experten am Kader vun der ganz normaler a virgeschriwener Prozedur vun der mise en conformité ze gesinn, nodeems mer do verschidde Saache am Sall geännert hunn, oder geet ëm Mängel. Ass jo konkret gewosst, wat bei der Misen en conformité eventuell op äis duer kënnt?

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| **613481** | **Honoraires de consultance externe et d'expertise** | **0,00** | **0,00** | **0,00** | **58 000,00** |
| *613481/99001* | *Honoraires de consultance externe et d'expertise* | 0,00 | 0,00 | 0,00 | 58 000,00 |
| | Mise en conformité salle de musique | | | | |

III. Main nächste Punkt ass d'Kapitel

| | | | |
|---|---|---|---|
| 3 | Ordre et sécurité publics | 0,00 | 483 967,43 |

dépenses vu bal enger ½ Mio am Budget virgesinn – fir eis agents municipaux a fir de CGDIS.

Leit erzielen ëmmer erëm faits divers, déi si als ganz onangenehm erliewen an déi hinne Suerge maachen,
an da gëtt et déi Saachen, déi de Wee an d'Press fannen.
Béides färdert leider een allgemengt Onsécherheetsgefill, wat dem gudde Liewen an Zesummeliewen net onbedéngt färderlech ass.

Ech froe mech, ob mir als Gemeng do net nach deen een oder aneren Effort maache kënnen – mat der Hëllef vun eisen agents municipaux, ech weess awer och, datt do net alles an eiser eegener Muecht läit. An et kann een och net all däischteren Eck hell beliichten.

Et geet mer bei dësem Punkt Sécurité awer virun allem ëm dat, wat a leschter Zäit op nationalem Plang undiskutéiert ginn ass, de Katastropheschutz. Do gëtt jo nogeluegt, d'Gemengen an Zukunft am Kader vun enger nationaler Strategie méi resilient ze maachen an e lokale Resilienzplang auszeschaffen.

Meng Froen heizou:

- Wéi steet de Schäfferot zou esou engem lokale Resilienzplang?
- Wéi wäit sinn an eiser Gemeng d'Iwwerleeungen zou esou engem lokale Resilienzplang gediehen?
- Wat huet de Schäfferot sech gegebenenfalls als Zäitkader virginn?
- Oder: Ass elo schonn am Budget eppes virgesinn? Ouni datt de Begrëff Resilience erwähnt gëtt.

ENG Äntwert kann ech selwer ginn: Dat ass de Punkt Iwwerschwemmungen, wou mer an de leschte Jore scho vill investéiert hunn a wou weider Projeten ënnerwee sinn. Et gouf a gëtt investéiert an eng Rëtsch Bassins de rétentions an an d'Kanalisatioun a verschiddene Stroossen: rue de la Pétrusse, rue de Mamer a rondrëm. Haut ass dann och hei ugekënnegt ginn, datt d'rue Rilspert nei gemaach gëtt. Dat ass logesch, well se direkt un d'rue de la Pétrusse uschléisst a fir eng Rei Leit an der rue Rilpsert geet domat ee Wonsch an Erfëllung. Insgesamt sinn dat grouss Projeten, déi eis vollsten Ënnerstëtzung hunn.

E ganz wichtege Projet ass de Projet Hiermesweiher – mam Staudamm fir d'Waassermassen bei ganz staarkem Reen …. an de Grëff ze kréien. Och mir an der Oppositioun droen dëse Projet mat an hoffen, datt mat alle Propriétairen een Accord fonnt gëtt oder scho vläicht fonnt ginn ass, fir datt

dëse Projet am Interesse vum gudden a sécheren Zesummeliewen méiglechst séier realiséiert gëtt. De Buergermeeschter huet sech d'éinescht jo ganz optimistesch gewisen.

Mir sollten awer aner nevralgesch Punkten net vergiessen: Ëmmer erëm kréie mir Kloen aus der **Cité am Bruch**. Do brauch kee Jahrhonnertreen erofzegoen, da hu Leit do Waasser am Keller oder an der Garage.
- Wat soen eis Experten, eise Bureau d'études zur Situatioun am Bruch?
- Wat fir eng Méiglechkeeten hu mer op där Plaz, fir de Kanalsystem ze verbesseren?
Als Gemeng gi mir fir vill Saachen e Subsid.
- Kënnt een net d'Propose vun deem Här opgräifen, dee sech fir seng Noperen am Bruch asetzt a virgeschloen huet, e Subsid ze ginn, wann d'Leit nodréiglech Rückhalteklappen abauen an hinnen esou ënnert d'Äerm ze gräifen.

De lokale Resilienzplang geet awer doriwwer eraus. Et bleiwen, wat de Katastropeschutz ugeet, weider Froen, esou wäit ech dat beurteele kann, opstoen. (Circulaire vum Innenminister – PowerPoint: Inondation, Pandemie, accident nucléaire, plans et exercices ….)

Dëse Budget vun 2026 ass e „Budget vum Fridden" huet de Buergermeeschter gesot. Jo! A mir hoffen, et bleift och esou. Mä mir gi munchmol eppes Besserem oder – et misst ee soen – eppes Schlëmmere beléiert. Meng Generatioun huet munches net méi fir méiglech gehalen. Et muss een erëm léieren „wachsam" ze sinn a preparéiert ze sinn. E Resilienzplang drängt sech op ville Gebidder op.

**IV. Punkt**

Den eegenen Usproch fir Bartreng ass héich an dee gouf op enger spezieller Säit am Lëtzebueger Wort viru kuerzem esou beschriwwen: Bartréngen versprécht zukünftege Matbierger:innen **„eine von der Gemeinde gesicherte Zukunftsfähigkeit der gesamten Lebensumgebung"**. Domat ass den eegene Usproch definéiert, an et ass eis gemeinsam Aufgab, eist Bescht ze maachen, fir deem Usproch gerecht ze ginn.

Eigentlech kënnt dat e schéint Schlusswuert fir meng Interventioun sinn, mä ech hunn nach aner Saachen, déi mer, wat de vivre ensemble ugeet, um Häerz leien. Ech bieden deemno nach ëm e bëssche Gedold.

Mir sinn net an engem patriarchalesche System, wou einfach vun uewen erof festgeluecht gëtt, wat e gutt Liewen an e gutt Zesummeliewen hei zu Bartreng ausmécht. Duerfir gëtt et nieft de Kommissiounen offiziell **Informatiouns- an Diskussiounsversammlungen** mat de Bierger:innen. Gefreet huet mech, wéi ech virdrunn héieren hunn, et géif eng Struktur geschaf ginn, an där eis eeler Matbierger*innen sech méi staark abrénge kéinten.

Mä och mir an der Oppositioun sichen d'Gespréich mat de Leit, mir kréie villes matgedeelt a lauschteren vill no. Dat lescht Bierger:innegespréich, dat mir organiséiert haten, war op Helfent. Mir hunn Iech all d'Resultat dovunner an engem **Memorandum** zoukomme gelooss. Dodra gesäit ee, wat de Leit uewe läit, wou de Schong dréckt a wat fir si an hirem alldeeglече Liewen wichteg ass. Si maachen och ganz konket Virschléi, wéi een **d'Liewen, de vivre ensemble**, op Helfent an hei zu Bartreng optiméiere kéint.

Ech droen elo net alles hei vir. Dat géif ze wäit féieren. Duerfir just e puer allgemeng Iwwerleeungen an e puer Beispiller.

Am Budget gëtt et, dovu sinn ech iwwerzeegt, ëmmer fir méi kleng Uleies Posten, déi et erlaben, de Wënsch vun de Matbierger:innen Rechnung ze droen. Wichteg ass, d'Besoinen eescht ze huelen an do, wou ee séier reagéiere kann, dat och ze maachen.
Kuckt! Am Wénkel sinn dëst Joer verkéiersberouegt Moossnamen ëmgesat ginn. Do soen ech mer, dat hätt ee sécher och éischter maache kënnen. Ëmmerhin hunn d'Leit dat do scho viru Jore gewënscht. Wa méi séier reagéiert gi wier, wier de Leit op der Plaz munch Ierger erspuert bliwwen – fir elo mol soss näischt ze soen.

Ech weess och: Net alles, wat Leit sech wënschen, läit an den Hänn vun der Gemeng. Mä de Schäfferot weess, wien zoustänneg ass. Am Interesse vun de Leit an am Interesse vum der Allgemengheet kann d'Gemeng eng Vermëttlerroll iwwerhuelen, z. B.
- bei Ponts & Chaussées, wann een Zebrasträif oder rout Luuchten op enger Staatsstrooss néideg sinn, wéi dat Awunner vun Helfent virgedroen hunn
- oder bei engem Verwaltungsrot, wa sech Problemer an enger Seniorestruktur erginn, just fir déi Beispiller do ze nennen.

D'Wuerecht verlaangt awer och drop hinzeweisen, datt d'Matbierger:innen selwer hir Verantwortung iwwerhuele mussen. Et gëtt sech z. B. opgereegt iwwer den Dreck, deen op munche Plazen ze fannen ass. Mä, wann ech moies bei de Bänken op der Bréck tëscht dem Centre Atert an der Spillschoul  um Buedem Iwwerreschter vun enger Nuetsparty fannen, da kann ech mech just wonneren, well grad do stinn direkt derniewent 3 Poubellen an eng 4. ass virun der Spillschoul. Do ass net vill Effort verlaangt, fir d'Plaz propper ze hannerloossen.
4 Poubellen op dëser Plaz, dat ass schonn ee Luxus, notze awer näischt, wann se net benotzt ginn. Op anere Plazen wieren allerdéngs amplaz vun enger Poubelle duerchaus 2 néideg – esou Plaze gëtt et och.

An esou kommen ech bei d'**Frais d'impression** du bulletin communal **et autres publications, wou** 150.000 € virgesin sinn. Ech kënnt mer virstellen, datt een do och Suen reservéiere kann, fir bestëmmten noutwendeg **Informatiounen** am Laf vum Joer ze **widderhuelen**. (Repetitio est mater studiorum.) Grad just zou deem Beräich, deen ech elo grad erwähnt hunn. Ënner dem Motto
**Haalt Bartreng propper!**
kënnt e mol erëm eng gréisser Campagne starten. An als Rappel: A Saachen Offall sti gutt Saachen an der wäertvoller Broschür mam Titel „Gutt zesumme liewen“, déi 2021 an 2023 verdeelt gouf an déi nach ëmmer op eiser Homepage ze fannen ass.

Munch Informatioune muss een haut méi dacks ënnerbreeden. Esou hunn ech festggstallt, datt et z.B. Onklorheeten iwwer de **Ruffbus gëtt, e wonnerbaren Service, fir dee mir als CSV** äis jo **ganz fréi** agesat haten an dee fir 2026 mat

3/441/ Ruffbus: 315 000,00 Euro am Budget steet.

Dësen Déngscht gëtt immens geschat, esou datt **Leit vun Helfent sech wënschen**, de Betrib vum Bus *op Sonndes auszewäiten*, fir datt eeler Leit a Leit, déi manner mobil sinn, och deen Dag e besseren Zougank zum Zentrum hunn an aus hirer Einsamkeet kënnen eraus kommen.
Oder Leit soe mer: De Ruffbus Berti sollt bis zur Klinik Eech fueren dierfen. Fir mech gehéiert d'Klinik vun Eech zum CHL; et ass e Gebäi vun 4, déi zum CHL gehéieren. Ech hoffen, ech leien do richteg? Wa jo, sollt een de Leit dat (nach mol) matdeelen!

Nieft dem Positiven wëll ech awer och op eng Saach agoen, déi fir Onrou gesuergt huet. Et geet ëm eng Decisioun zou engem Cours de loisir. Ouni an den Detail anzegoen, kann een awer soen, datt bei Personalentscheedungen vill Fangerspëtzegefill erfuerdert ass. Den Här Buergermeeschter huet um Ufank gesot, et kann ee mol Feeler maachen, et kann een doraus léieren. Dat ass richteg: Mir all

maache Feeler, an et fällt kengem een Zack aus der Kroun, fir dat zouzeginn, an déi néideg Konsequenzen drauszezéien.

**V. Punkt**

**Wunnengsnout:** Mir hunn hei zu Bartreng ëmmer erëm Plaze geschaf, fir ze bauen a mir investéieren a leschter och ëmmer méi an abordabel an a sozial Wunnechten. Do sinn eng Rëtsch Projeten an der Maach. Et wier ze wënschen, datt mer zäitlech do gutt a besser viru kommen.

Eng Fro: Wësse mir, wéivill Wunnechten hei zu Bartreng **eidel** stinn? Dat sollen der „erschreckend vill" hei zu Bartreng sinn, krut ech gesot. Landeswäit schwätzt de Mouvement écologique vun engem Prozentsaz, deen tëscht 5 a 15 % läit. Et muss jo net ëmmer direkt nei gebaut ginn, et kann een och al Bausubstanz notzen – hei treffen Soziales an Ecologesches openeen. Et ass een därege Sujet, ech weess. Mä, et wier sécher derwäert, fir hei aktiv ze ginn.

Opgrond vum Loyers Gesetz (Version consolidée applicable au 01/08/2024 : Loi du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil.Artikel 27)
Art. 27.: Le conseil communal peut, par règlement communal, obliger les propriétaires des immeubles et parties d'immeubles non occupés destinés à servir de logement sis sur le territoire de la commune à les déclarer à l'administration communale dans le délai fixé par ledit conseil.
Les infractions aux dispositions de l'alinéa précédent sont punies d'une peine d'amende comprise entre 1 et 250 euros)
kënnt de Gemengerot d'Propriétaire vun eidele Wunnechte verflichten, dëst der communaler Administartioun matzedeelen. Ech sinn elo kee Frënd vun esou enger Verflichtung, mä et wier vläicht derwäert,
- fir erëm eng Kéier een Appell ze maachen, esou Wunnechten ze mellen,
- eng Informatiounscampagne ze starten
- an nach mol driwwer opzeklären, datt et esou eppes gëtt wéi eng location sociale, wou ee fir eng Iwwergankszäit déi eidel Wunnecht zur Verfügung stelle kann.

*A well ech elo Soziales an Ekologesches matenee verbonnen hunn, verweisen ech, am Numm vun eiser Fraktioun, nach mol, am Sënn vun enger konstruktiver an alternativer Politik, op ee Projet,* vun deem mir iwwerzeegt sinn an deen ee wichtege Beitrag an dëse Beräicher si kënnt.

**Dat ass mäi 6. Punkt**
Et geet ëm den ***ZENTRUM FIR ÖKOLOGIE A SOLIDARITÄT, an deem een dës zwou Saachen bündele kann an domat e staarkt Zeechen an eiser Zäit setze kënnt.***

Im Blick auf die ökologische Ausrichtung hätt das Zentrum die Aufgabe haben, die Mitbürgerinnen und Mitbürger mit in die Verantwortung zu nehmen bei der Umsetzung sowohl des Klimapaktes wie auch des Naturpaktes.

Konkret ass un Information, Beratung, Kurse und Ausstellungen über die Umwelt, die Artenvielfalt oder den Tierschutz zu denken.
Denkbar ist zudem die Einrichtung eines lokalen Second-Hand-Shops und einer Tauschbörse sowie die Unterbringung des Repair-Cafés.

Ein weiteres Ziel ist es, der „Take-make-waste"-Wirtschaft den Kampf anzusagen. D'Handeln nach dem Prinzip „produzieren, konsumieren, wegwerfen" soll durch die Förderung der Kreislaufwirtschaft ersetzt werden.

Im Blick auf die Solidarität wird in dieser Struktur das Miteinander sowie ein menschenwürdiges Leben – auch über den eigenen Tellerrand – im Mittelpunkt stehen. So könnten in einem ersten Schritt folgende Projekte dort konkretisiert werden: ein Sozial-Laden, ein Food-Sharing Point, eine Anlaufstelle für Integration an d'Reintegration auf dem Arbeitsmarkt, ein Begegnungsplatz zum Austausch für unterschiedliche Gruppen (jung Eltern, Familien, Flüchtlinge, sonstige Interessenten) oder einfach nur eine Kaffeestube zum zwanglosen Treffen oder zum Spielen von Gesellschaftsspielen.

**De leschten a 7: Punkt:** Et ass elo grad mam ugeklongen mat der Formuléierung „iwwer den eegenen Tellerrand eraus“ - den Opdrag vum vivre ensemble enthält och een Usproch, deen iwwer d‘Grenze vun eiser Gemeng erausweist. Mir sëtzen an enger globaliséierter Welt an engem Boot: Duerzou just een Hiweis op e puer wäertvoll Projeten

- de Jumelage mat 3 Partnergemenge fir déi europäesch Verbonnenheet ze färderen (3/140: 130.000 Euro)
- d‘ Hëllef fir Leit a Katastrophegebidder, woufir déi lescht Joren ëmmer 25.000 Euro am Budget stinn,
- Ënnerstëtzung vu Projeten a Länner, déi aus verschiddensten Ursaachen konkret finanziell Hëllef brauchen, duerch Conventiounen. 2025: de Projet What Water am Cameroun (30.000 €). Fir 2016 steet ënner ACTIONS SOCIALES am Budget de Moment zwar just „projet à définir“, an et gëtt och keng Zomm genannt, mä mir all heibannen zéien do um selwechte Strang an et wäert sech schonn ee Projet erginn.

Ganz gär schléissen ech mech de Wierder vum Här Buergermeeschter un, wann hien zou engem gemeinsame Schaffe am Respekt iwwer d‘Differenzen eraus oprifft. Als Oppositioun hu mer, mengen ech, och e gewëssen Deel bäigedroen zum Zesummeschaffen am Interêt vum gudden Zesummeliewen hei zu Bartreng. Dat schléisst kritescht Matdenken net aus – am Géigendeel. Et ass eis Aufgab an der Oppositioun, d‘Majoritéit erauszefuerderen an unzestachelen. Fräi nom Goethe sengem Faust: Do gesellt den Här dem Mënsch jo de Schallek zou, fir en ëmmer erëm erauszefuerderen a seng Entwécklung ze fërderen.